
# Willibrordus-Oktav 2023

Thema: „Bitt‘ für uns, heiliger Willibrord!“



*Priedeger:*

*Chanoine Claude Bache*
*Deche vum Dekanat Osten*

# I.

# „Heiliger Willibrord, Baumeister von Gemeinschaft und Einheit"

*Mal 1,14b – 2,2b.8-10 / Mt 23,1-12*

1. *„Bitt' für uns, heiliger Willibrord!"* Dëse Refrain héiere mir all Joer op der Sprangprëssioun, wa mir d'Willibrordus-Litanei an de Stroossen duerch Iechternach sangen. An den hellege Willibrord gëtt dann ëmmer erëm ënner deene verschiddensten Titelen ugeruff, déi äis op en ettlech Evenementer aus sengem Liewe verweisen. Ech wëll an dëser Woch e puer vun deenen Uruffungen aus der Willibrordus-Litanei erausgräifen a probéieren, se an eis haiteg Zäit z'iwwerdroen.

*„Heiliger Willibrord, Baumeister von Gemeinschaft und Einheit."* Den hellege Willibrord war en impressionant Beispill fir d'Schafe vu Gemeinschaft an Eenheet an der Kierch. Mir fannen a sengem Liewen Inspiratioun, an dat grad an Zäite wéi dësen, wou d'Kierch weltwäit an enger grousser Bëschofssynod zesummekomm ass, fir iwwer Froe vun der Synodalitéit, vu Glawesvermëttlung an den Zesummenhalt ze beroden. Säi Liewen a säi Wierken erënneren äis drun, wéi wichteg et ass, als Gleeweg – Geeschtlech a Laien, Männer a Fraen – zesummenzeschaffen, fir esou d'Eenheet an der Kierch ze férderen.

*2.* Den hellege Willibrord huet, wéi mir wëssen, am 7. Joerhonnert gelieft. Hie staamt aus Northumbrien am haitegen England an huet seng Aarbecht als Missionar a Friesland ugefaang, éier hien och hei an eise Géigende missionnéiert a sech schliisslech hei zu Iechernach niddergelooss huet. De Willibrord war e Baumeeschter vu Gemeinschaft an Eenheet, an dat a méifacher Hisiicht. Ech wëll hei nëmmen dräi Punkte nennen:

a. Et ass him ëm d'*Eenheet an der Verkënnegung vum Evangelium* gaang: An enger Zäit, wéi Europa vu verschiddene Stämm a Sprooche gepräägt war, war et dem Willibrord seng Missioun, d'Evangelium bei d'Mënschen ze bréngen. Hien huet onermiddlech dorunner geschafft, déi gutt Noriicht vum Jesus Christus ze verkënnegen an huet domat de Grondstee geluecht fir d'chrëschtlech Gemeinschaft an eiser Regioun. Säi Beispill erënnert äis drun, wéi wichteg et ass, d'Eenheet am Glawen ze férderen, onofhängeg vun eise kulturellen oder sproochlechen Ënnerscheeder.
b. Him war och geleeën un der *Eenheet an der Liturgie*: De Willibrord war e Virreider bei der Aféierung vun der réimescher Liturgie an deene Regiounen, an deenen hie gepriedegt huet. Hien huet d'Eenheet gefërdert duerch d'Aféierung vun engem gemeinsame Ritus. Och op der Bëschofssynod zu Roum ass driwwer geschwat ginn, wéi mir als Kierch eng gemeinsam

Liturgie bewahren a weiderentwéckle kënnen, fir esou d’Eenheet vun de Gleewegen ze stäerken.

c. Schliisslech huet de Willibrord sech agesat fir d’*Eenheet an der Léift an am Déngscht*: Hien huet erkannt, datt d’Eenheet net nëmmen an der Verkënnegung an an der Liturgie läit, mä och an der Léift an am Déngscht um Nächsten. Hien huet Kléischter a Gemeinschafte gegrënnt – wéi hei zu Iechternach –, an deenen d’Mënschen zesumme gelieft a sech géigesäiteg ënnerstëtzt hunn. Säi Liewe weist äis, datt d’Eenheet vun der Kierch och an eisem Engagement fir déi Kleng an déi Schwaach läit, fir déi, déi um Bord vun der Gesellschaft liewen, fir déi Marginaliséiert, fir déi un der Peripherie, wéi eise Poopst Franziskus et ëmmer erëm ënnersträicht.

*3.* Am Text aus dem Buch Maleachi an am Matthäus-Evangelium, déi d’Liturgie vun dësem 31. Sonndeg am Kierchjoer äis haut proposéiert huet, hu mir och vun der Bedeitung vun der Eenheet an domat verbonnen der Damiddegkeet héieren. De Maleachi huet säi Vollek opgeruff, d’Eenheet am Déngscht erëm hierzestellen. Am Matthäus-Evangelium schliisslech rifft de Jesus äis op, damiddeg ze sinn, an hien erënnert äis drun, datt eng wierklech Féierung an der Kierch muss vun Déngscht a vu Sech-fir-déi-aner-Higinn gepräägt sinn. Nëmmen esou kënne mir eng synodal Kierch ginn.

Eise Poopst Franziskus huet schonns am Virfeld vun der Synod déi Gleeweg op der ganzer Welt opgeruff, sech aktiv un dësem Prozess ze bedeelegen, eng eemoleg Saach, déi et sou nach net ginn huet. Zesumme soll no Léisunge gesicht ginn, fir op déi Manéier d'Eenheet vun der Kierch ze stäerken. An enger Zäit, an där d'Kierch mat komplexe Probleemer konfrontéiert ass, ass et decisiv, datt mir zesummen no Léisunge sichen an äis op eise gemeinsame Glawen an eis gemeinsam Missioun besënnen.

*4.* Dem Jesus säi Wuert: *„All sollen si eent sinn“* (*Joh* 17,21) erënnert äis drun, datt d'Eenheet an der Kierch en zentraalt Uleies vun eisem Glawen ass. D'Villfalt vun de Gowen an Talenter, déi an der Gemeinschaft vun de Gleewegen do sinn, ass e Geschenk, dat äis zur Zesummenaarbecht an zur Fërderung vun der Eenheet encouragéiere soll.

Den hellege Willibrord huet d'Bedeitung vun der Eenheet vun der Kierch erkannt an huet säi Liewen an den Déngscht vum Opbau vun der Gemeinschaft gestallt. Hien huet seng Äerm opgemaach fir d'Mënschen aus deene verschiddene Kulturen mat deene verschiddensten Hannergrënn an huet esou gehollef, déi gutt Noriicht vu Christus ze verbreeden. Äis haut erënnert hien drun, datt d'Eenheet an der Kierch keng abstrakt Iddi ass, mä hiren Ausdrock fënnt a konkreeten Doten a couragéierten Decisiounen. Mir kënne

vun him léieren, wéi wichteg et ass, als Baumeeschter vu Gemeinschaft an Eenheet an eiser Zäit ze wierken.

*5.* Loosse mir an dësen Deeg an och doriwwer eraus derfir bieden, datt dem Herrgott säi gudde Geescht, den Hellege Geescht, eis Kierch a jiddfer eenzelne vun äis op dësem Wee vun der Eenheet an der Gemeinschaft féiert, sou wéi den hellege Willibrord et zu senger Zäit gemaach huet. Eise Glaf un den Herrgott an eis Léift zu Christus an zouenee solle wuessen, iwwerdeems mir äis opmaachen, fir déi gutt Noriicht, d'Evangelium, an eiser Welt ze verkënnegen a Gemeinschaft ze schafen.

An deem Sënn: *„Heiliger Willibrord, Baumeister von Gemeinschaft und Einheit, bitt' für uns, heiliger Willibrord!"* Amen.

# II.

# „Heiliger Willibrord, Beistand der heimatlosen Menschen“

*Dtn 10,17-19 / Lk 10,25-37*

*1.* Haut kucke mir op den hellege Willibrord, deen an der Litanei ugeruff gëtt als *„Beistand der heimatlosen Menschen“*.

Den hellege Willibrord huet seng keltesch Heemecht verlooss, fir d’Evangelium an eis Regiounen ze bréngen, an deenen deemools Heede gelieft hunn, déi nach näischt vum Chrëschtentum héieren haten. Op där Missiounsrees ass hie ville Mënsche begéint, déi hir Heemecht hu misste verloossen, sief et aus Glawesgrënn, sief et, well si op der Flucht viru Konflikter waren. Hien huet deene Mënschen hir Nout an hiert Verlaangeren no enger sécherer Plaz an enger neier Heemecht verstan. De Willibrord war e Mann vum Glawen, dee fest dervun iwwerzeegt war, datt hien duerch d’Verkënnegung vum Evangelium de Mënschen Trouscht an Hoffnung bréngе konnt. An sengem Déngscht als Missionar huet hie sech net nëmmen ëm déi geeschtlech Bedierfnesser vun de Mënsche bekëmmert, mä och ëm dat, wat si fir hire Kierper gebraucht hunn. Hien huet Kléischter, Schoulen a Kierche gegrënnt – wéi hei zu Iechternach –, fir de Mënschen an hirer Nout ze hëllefen.

Duerch säin exemplarescht Schaffen a säin onermiddlechen Asaz erënnert den hellege Willibrord äis drun, datt Heimatlosegkeet a ville Formen existéiert. Et kann dat physescht Feele vun engem Doheem sinn, awer et kann och d'Feele vu Gebuergenheet, Léift a Gemeinschaft bedeiten.

*2.* E Bléck an d'Geschicht weist äis: D'Mënsche waren a sinn ëmmer a Beweegung, an dat wäert och an Zukunft kaum anescht ginn. Firwat verloosse Mënschen hir Heemecht? Firwat loosse si sech op iwwerfëllte Booter op riskante Routen duerch d'hallef Welt schleisen? Obwuel dat nëmmen ee ganz klenge Prozentsaz vu Flüchtlingen ass, deen dës Méiglechkeet iwwerhaapt a Consideratioun zitt. Déi meescht Mënschen op der Flucht fannen a Lagere wäit ewech vun hirem Doheem Zouflucht. Awer och do sinn si kaum a Sécherheet, well an deene Lageren ass d'Situatioun dacks ganz prekär. D'Mënsche verloossen haut aus verschiddene Grënn hir Heemecht, sief et wéinst Krich, Aarmutt, Verfolgung oder anere schwierege Liewesëmstänn. A wann si da bei äis kommen, dann doe mir äis net seele schwéier, si opzehuelen.

*3.* Sécher, kee vun äis ass virun Angscht a Virurteeler anere Mënsche géintiwwer gefeit. Dat ass mënschlech. Awer mir sollten et net dobäi loossen. Nach eng Kéier d'Fro: Firwat verloosse Mënschen haut hir Heemecht? Migratioun ass dacks en Zeeche fir politesch a

wirtschaftlech Mëssstänn a Feelentwécklungen an deene betraffene Länner, aus deenen d'Mënsche fortlafen. Mä net nëmmen. Et sinn och déi weltwäit Vernetzungen, Ofhängegkeeten an déi domat verbonnen Ausbeutung, déi d'Migratiounsbeweegunge matverursaachen. Ech sinn iwwerzeegt, datt déi meescht Flüchtlingen hir Heemecht ni verlooss hätten, wann si geséchert Liewesgrondlagen hätten an hinnen e Rechtssysteem zur Verfügung stoe géif, op dat si sech verloosse kéinten.

D'Vereent Natioune formuléieren an der *„Agenda 2030 fir nohalteg Entwécklung"* als global Aufgab, *„d'Mënschheet vun der Tyrannei vun der Aarmutt an der Nout ze befreien an eise Planéit ze heelen an ze schützen"*. Wa Mënschen ënner faire Bedingunge schaffen a liewen, an engem politesche Systeem matbestëmme kënnen, dréit dat vill zu engem friddlechen a gerechte Matenaner bäi. Egal, wou si sinn, ob an der Friemd oder am eegene Land. Wa Mënschen awer vun dëse Saachen ausgeschloss sinn a Chancenongläichheete vergréissert ginn, dann dréit dat vill zu engem konflikthaften an ongerechten Nieftenaner bäi. Als Chrëschte si mir op jidder Fall opgeruff, dës Mënschen net ze verurteelen, mä hinne mat Matgefill a Léift ze begéinen.

An eiser Zäit, an där mir mat globale Migratiounsbeweegunge konfrontéiert sinn, ass et ëmsou méi wichteg, de Bléck op d'Bedierfnesser vun deenen ze riichten, déi keen Doheem hunn. Mir

mussen äis froen, wéi mir als Eenzelnen an als Gemeinschaft dozou bäidroe kënnen, dëse Mënschen ze hëllefen. De baarmhäerzege Samariter an der Bibel weist äis, datt et net duergeet, nëmme Matleed z'ëmfannen, mä datt mir och handele mussen. Mir mussen d'Nout vun deene Mënschen, déi keen Doheem hunn, méi kleng maachen an hinnen hëllefen, erëm op d'Been ze kommen.

*4.* Dem Jesus säi Wuert: *„Wie mech ophëlt, hëlt deen op, dee mech geschéckt huet"* (*Mt* 10,40), seet äis, datt eis Gaaschtfrëndschaft grad Frieme géintiwwer an eist Matgefill fir Heimatloser a Flüchtlingen en direkten Afloss huet op eis Bezéiung zum Herrgott. Wa mir déi wëllkëmm heeschen, déi vun doheem verdriwwe goufen, dann huele mir Christus selwer op an erfëllen domat dem Herrgott säin Optrag.

Et ass dacks liicht, vun dëse Wierder ze héieren an sech vun där scheinbarer Komplexitéit vun der Flüchtlingsfro iwwerwältegen ze loossen. Mä den hellege Willibrord léiert äis, datt Gaaschtfrëndschaft an Hëllef mat klenge Schrëtt ufänke kënnen. Et kéint bedeiten, hinnen eng waarm Moolzecht ze ginn, hinne beim Léiere vun eiser Sprooch ze hëllefen oder si einfach an eise Communautéite wëllkëmm ze heeschen – eeben dat, wat eis Kierch mat hirer Initiativ *„Reech eng Hand"* ze maache probéiert.

Mir sollten äis drun erënneren, datt jiddfer Mënsch e Kand vum Herrgott ass, onofhängeg vun senger Hierkunft an sengem Status. Wa

mir engem hëllefen, deen op der Flucht ass, hëllefe mir Christus selwer. *„Wat dir fir ee vun deene mannste vu menge Bridder gemaach hutt, dat hutt dir fir mech gemaach“* (*Mt* 25,40), heescht et jo an der Geriichtsried beim Matthäus.

*5.* Den hellege Willibrord huet säi Liewen dem Déngscht vun deene gewidmet, déi Hëllef gebraucht hunn, an och mir sinn opgeruff, de Mënsch an eisem Matmënsch z'entdecken.

Heimatlosegkeet ass eng Realitéit, déi an eiser Welt haut allgéigewärteg ass. De Willibrord léiert äis, hinzekucken, net ewechzekucken, an de baarmhäerzege Samariter an äis z'entdecken.

Sécher, tëscht dem Willibrord senger Welt an eiser Zäit haut leie Joerhonnerten, awer d'Botschaft vun der Gaaschtfrëndschaft an der Léift ass zäitlos. Eis Zäit ass gepräägt vu Wanderungsbeweegungen a Flüchtlingskrisen, an an dësen Zäiten ass et ëmsou méi wichteg, äis um Willibrord seng Ierfschaft z'erënneren.

Loosse mir haut zesumme bieden, datt den hellege Willibrord äis inspiréiert, deenen, déi hir Heemecht verluer hunn, bäizestoen. Hie soll äis d'Kraaft an d'Matgefill schenken, déi mir brauchen, fir deenen d'Léift vu Christus ze bréngen, déi se am néidegsten hunn.

An deem Sënn: *„Heiliger Willibrord, Beistand der heimatlosen Menschen, bitt' für uns, heiliger Willibrord!“* Amen.

# III.

# „Heiliger Willibrord, rastloser Verkünder des heiligen Evangeliums!“

*1 Kor 1,18-25 / Mk 16,15-20*

*1.* Haut, um Fest vum hellege Willibrord, wëlle mir op eise Patréiner kucken ënner dem Aspekt vum Missionar, deen d’Evangelium hei an eise Géigende verkënnegt huet. An der Litanei gëtt hien ugeruff als *„rastloser Verkünder des heiligen Evangeliums“*. Hien huet ville Vëlleker déi frou Botschaft verkënnegt an eis Pappen am Glaf gefestegt. Wéi d’Gowegebiet vun sengem Fest et ervirhieft, war hien *„en onermiddlechen Aarbechter am Herrgott sengem Wéngert“*, a säi Liewe war gepräägt vu Wonner an Zeechen, déi d’Muecht vum Evangelium bezeien.

Als Dechen op der Musel kommen ech hei natierlech net derlaanscht, un d’Wäiwonner z’erënneren, iwwer dat am Zesummenhang mam hellege Willibrord erzielt gëtt; hie gëtt dofir jo dacks mat engem Wäifaass duergestallt, sou och op där Statu, déi ech doheem a menger Stuff vun him stoen hunn an déi de leschte Freideg am Virfeld vun dëser Willibrordus-Oktav an der Zeitung ofgemoolt war. Et gëtt erzielt, datt de Willibrord bei der Inspektioun vun de

Kellerraim vun senger Abtei hei zu Iechternach eng Kéier soll e Faass entdeckt hunn, an deem net méi vill Wäin dra war. Ënner Gebiet an engem Seegenssproch hätt hie säi Bëschofsstaf an d'Faass gestach. An der Nuecht hätt de Wäin am Faass ugefaang ze klammen, sou datt en iwwer de Rand erausgelaf wier. De Kellermeeschter wier moies direkt bei den Hellege gelaf, fir him et z'erzielen, an hätt vun deem den Opdrag kritt, kengem eppes dovun ze soen, bis hien, de Willibrord gestuerwe wier. – Esou Mirakelgeschichte mussen natierlech net der Wourecht entspriechen, mä si sinn awer sympathesch an si weisen äis, wéi den hellege Willibrord respektéiert a veréiert gouf a wéi him als e Mënsch, deen sech duerch eng enk Christus-Bezéiung ausgezeechent huet, besonnesch Charismen zougesprach goufen.

*2.* An eiser Liesung aus dem Éischte Korintherbrief hu mir vun der Botschaft vu Christus, dem Gekräizegten, héieren. D'Kräiz war scho fir d'Mënschen zum Paulus senger Zäit eppes, wat si revoltéiert huet. Et war e schänterlecht Instrument fir een hinzeriichten, op eng grausam Manéier. Awer fir d'Chrëschte krut d'Kräiz duerch dem Jesus säi qualvollen Doud eng nei Dimensioun: Et gouf zum Zeeche vum Sig iwwer den Doud, zum Zeeche vum neie Liewen a Christus schlechthin. Sou schreift de Paulus, datt d'Kräiz fir äis, déi mir u Christus gleewen, d'Kraaft an d'Weisheet vum Herrgott ass. Dat ass déi Botschaft, déi den hellege Willibrord an d'Welt erausgedroen

huet, och wann se fir hirer vill fir d'éischt sécher onverständlech an inacceptabel war. Säi Glaf un d'Kräiz an un d'Operstéiung vu Christus huet hie gedriwwen, déi Frou Noriicht ze verkënnegen, geleeën an ongeleeën, an d'Mënschen z'encouragéieren, hiert Liewen um Evangelium auszeriichten.

Dem Christus säi Missiounsoptrag, dee mir am Markusevangelium fannen, an deen äis virdru verkënnegt gouf, heescht: *„Gitt eraus an d'ganz Welt a verkënnegt der ganzer Schëpfung d'Evangelium!"* (*Mk* 16,15). De Willibrord huet dësen Optrag ugeholl an ass an d'Friemd gezunn, fir do déi Frou Botschaft ze verbreeden. Säin Äifer a säin Devouement ware beispillhaft, an hien huet vill Mënschen zum Glawen u Christus, deem Gekräizegten an Operstanenen, gefouert.

Hien huet duerch säi Wierken an eise Géigende gewisen, datt de Missiounsoptrag vun der Kierch net op ee bestëmmt Vollek oder eng Natioun beschränkt ass. D'Evangelium ass eng Botschaft vun der Léift a vum Fridden, déi fir all Mënschen, onofhängeg vun hirer Hierkunft, zougänglech si muss. Säi Liewe war e liewegen Temoignage dofir, wéi déif an intensiv hien dës Wierder vu Christus gelieft huet.

*3.* De Wopesproch vun eisem Äerzbëschof, dem Kardinol Jean-Claude Hollerich, heescht jo *„Annuntiate!"*, wat *„Verkënnegt!"* bedeit. Domat ënnersträicht den ieweschten Hiert vun eiser Diözees, datt de Missiounsoptrag vu Christus an eiser Zäit net ofgeschloss ass.

D’Kierch ass vun Ufank un eng missionaresch Kierch gewiescht, a mir sinn opgeruff, dëse missionaresche Geescht weiderzedroen. Mir sollen déi Frou Botschaft vu Christus net nëmme fir äis behalen, mä se an d’Welt erausdroen, fir datt all Mënschen d’Herrlechkeet vun eisem Gott an Här erkenne kënnen. Well mir all sinn, opgrond vun eiser Daf an eiser Firmung, Buete vun der Gudder Noriicht, an et läit un äis, d’Liicht vu Christus an d’Welt ze droen. Dat kann op villfälteg Manéier geschéien: duerch dat, wat mir maachen, duerch dat, wat mir soen, duerch Dote vun der Nächsteléift an duerch d’Deele vum Evangelium mat aneren.

Mir liewen an enger Zäit, an där d’Botschaft vu Christus méi wéi jee gebraucht gëtt. An enger Welt, déi vun Onsécherheet, Gewalt an Angscht gezeechent ass, kënne mir als Chrëschten e positiven Ënnerscheed maachen, andeems mir d’Evangelium an eist Liewen integréieren an et mat deenen aneren deelen.

*4.* Hei wëll ech besonnesch den Asaz vun esou villen an der Katechees ervirhiewen. War et fréier selbstverständlech, datt eis Kanner duerch d’Elterenhaus an dann duerch de Reliounsunterrecht an der Schoul an de Glawen agefouert goufen, dann ass deem haut net méi esou. Wéivill Kanner a Jugendlech hunn absolutt kee Bezuch méi zu Relioun a kierchlechen Traditiounen. Wéi awer wëlle mir de Glawen an eisem Land weiderginn, dee Glawen, fir deen den hellege

Willibrord de Som geséit huet, wann eis jonk Leit keng perséinlech Bezéiung méi zum Herrgott an zum Jesus hunn?

Dofir ass et fir eis Kierch net nëmme wichteg, mä iwwerlieweswichteg, datt mir Leit hunn, déi bereet sinn, an der Katechees Zeechnes vun hirem Glaf ze ginn, sou wéi den hellege Willibrord et zu senger Zäit mat senge Mëttele gemaach huet. An d'Elteren an d'Grousselteren däerfen sech net ze schued sinn, fir hir Kanner an de Gottesdéngscht vun der Kierch ze begleeden an an hinnen domat de Som vum Chrëscht-Sinn ze séien, deen nëmme Fruucht droe kann, wann en op gudden, preparéierte Buedem fält.

*5.* Dem hellege Willibrord säi Liewen ass e liewegt Beispill dofir, wéi en eenzelne Mënsch, erfëllt vu Glaf an Devouement, d'Welt verännere kann. Säi Wierke weist äis, datt d'Evangelium net nëmme mat Wierder, mä och – a vrun allem – mat Dote verkënnegt gi muss. Loosse mir hien, den zweete Patréiner vun eiser Ërzdiözees froen, datt hien äis inspiréiere soll, couragéiert Annonciateure vum Evangelium ze sinn, déi déi Frou Botschaft vu Christus an d'Welt vun haut droen.

An deem Sënn: *„Heiliger Willibrord, rastloser Verkünder des heiligen Evangeliums, bitt' für uns, heiliger Willibrord!"* Amen.

# IV.

# „Heiliger Willibrord, Stifter von Frieden und Gerechtigkeit"

*Kol 3,12-15 / Joh 14,23-29*

*1.* Haut geet et a menger Priedegt ëm den hellege Willibrord, deen an der Litanei als *„Stifter von Frieden und Gerechtigkeit"* ugeruff gëtt. Mir wëssen aus sengem Liewen, datt hien, wéi hien an eis Géigende komm ass fir d'Evangelium ze verkënnegen, hei a Gebitter koum, déi vu Konflikter an Ongerechtegkeete gepräägt waren. Déi haiteg Niederlande goufen deemools vun ënnerschiddleche Stämm a Konfessioune beheerscht. Op ville Plaze goufen heednesch Gëtzen ugebiet. De Willibrord koum net, fir dat alles futtizeschloen an z'erueweren. Säi Wee war éischter dee vun der Inkulturatioun, wéi mir haut soe géifen. Hien huet missionéiert an duerch seng Priedegt z'iwwerzeege gewosst. Hien huet de Mënsche vum Herrgott senger Léift geschwat an hinnen d'Versöhnung an de Respekt vun der mënschlecher Dignitéit un d'Häerz geluecht. Säin Asaz fir de Fridden an d'Gerechtegkeet goung wäit iwwer reliéis Ënnerscheeder a politesch Muechtstrukturen eraus. Hien huet säi Liewen an den Déngscht vum Herrgott a vu senge Matmënsche gestallt, an hien ass agestan fir Wäerter wéi Fridden a Gerechtegkeet.

*2.* Ech wëll haut seng Manéier a seng Botschaft an de Kontext vun eiser moderner Welt stellen an dobäi besonnesch op déi aktuell Situatioun vu Kricher a Konflikter an eiser Zäit agoen.

An der Ukrain ass zënter dem 24. Februar 2022 Krich. Et ass e schmäerzleche Konflikt tëscht Russland an dem Nopeschland, dee scho vill Mënscheliewe gefuerdert huet a weiderhin eng enorm Belaaschtung fir d'Leit an där ganzer Regioun an doriwwer eraus fir ganz Europa duerstellt. Matzen am Leed an an den Zerstéierunge musse mir äis ëmmer erëm drun erënneren, datt de Fridden eng vun den héchsten Dugenden ass, fir déi mir äis als Chrëschten asetze mussen. De Willibrord hätt sécher fir eng friddlech Léisung vun der Kris gebiet an äis encouragéiert, äis fir Verstännegung, Dialog a Versöhnung anzesetzen. Loosse mir fir d'Mënschen an der Ukrain bieden an äis – wou mir nëmme kënnen – fir hire Fridden a fir hir Sécherheet asetzen.

Och am Hellege Land, där Plaz, wou eis Glawesgeschicht hiren Ursprong huet, ass zënter dem 7. Oktober Krich. Konflikter an Ongerechtegkeete sinn allgéigewärteg. Als Gleeweger gëtt äis bewosst, datt mir och eng Verantwortung hunn, äis fir Gerechtegkeet a Fridden an dëser Regioun anzesetzen. De Willibrord géif äis drun erënneren, datt d'Léift zu eise Matmënschen an eise Wonsch no Fridden a Gerechtegkeet iwwer all reliéis an national Grenzen erausgoe mussen.

Säi Liewe weist äis, datt de wierkleche Fridden an eng echt Gerechtgekeet nëmmen duerch Léift, Versöhnung a Versteesdemech erreecht gi kënnen. Säi Beispill encouragéiert äis, iwwer Grenzen ewechzekucken, Brécken ze bauen an äis fir eng Welt vu Fridden a Gerechtegkeet anzesetzen.

*3.* An sengem Bréif un d'Chrëschte vu Kolossä – mir hunn et virdrun an der Liesung héieren, schreift den hellege Paulus: *„Bekleidet euch mit Güte, Demut, Milde und Geduld!"* (*Kol* 3,12). Dës Dugende si vun decisiver Bedeitung, wann et drëms geet, Fridden a Gerechtegkeet an eiser Welt ze fërderen. Guttheet an Damiddegkeet hëllefen äis, openaner zouzegoen, Virurteeler ofzebauen an d'Hand ze reechen. Duussheet a Gedold erméiglechen äis et, a schwieregen Zäiten duerzehalen an net opzeginn.

Am Johannesevangelium seet de Jesus selwer: *„Fridden hannerloossen ech iech, mäi Fridde ginn ech iech"* (*Joh* 14,27). Dëse Fridden, deen de Jesus schenkt, ass keen äusserleche Fridden, dee vu politeschen Ofkommes ofhänkt, mä et ass en ënnere Fridden, deen an eisen Häerzer wunnt. Wa mir de Fridde vu Christus an eisen Häerzer droen, da si mir amstand, de Fridden eraus an d'Welt ze droen, souguer matzen an d'Konflikter an d'Ongerechtegkeete vun eiser Zäit.

*4.* An eiser moderner Welt kënne mir vum Willibrord sengem Lieweswee léieren. Säin Asaz fir de Fridden an d'Gerechtegkeet war en Ausdrock vu senger Léift zum Herrgott an zu senge Matmënschen. Mir all kënnen a seng Spuren trieden, andeems mir äis fir de Fridden an eiser Welt asetzen, sief et duerch Gebieder, humanitär Hëllef, politescht Engagement oder den Dialog mat Mënsche mat deenen ënnerschiddlechsten Usiichten.

Loosse mir dobäi awer ni vergiessen, datt de Fridden an der grousser Welt dobaussen ëmmer am Klengen ufänkt, bei äis doheem an der Famill, an der Noperschaft, am Duerf. Wann ech de Fridden a mengem Häerz hunn – Fridde mat mir selwer, Fridde mat mengem Matmënsch an och Fridde mam Herrgott –, da kann ech als Mënsch vum Fridden esou munneches bewierken, och no baussen, an déi grouss Welt eran.

*5.* Eise Poopst Franziskus gëtt och net midd, ëmmer erëm a senge Botschaften an Usproochen op d'Noutwennegkeet hinzeweisen, de Fridden duerch Dialog, Verzeien an Versöhnung ze sichen. Hien huet déi Gleeweg ëmmer nees opgefuerdert, fir de Fridden ze bieden a sech aktiv fir sozial Gerechtegkeet an d'Wuel vun deenen Aarmen a Marginaliséierten anzesetzen.

An enger Welt, déi vu Konflikter an Ongerechtegkeete gepräägt ass, ass dem Poopst säin Asaz fir de Fridden an der Ukrain an am Hellege

Land en encourageant Zeechnes fir d’Kraaft vum Glaf an d’Roll vun der Kierch bei der Fërderung vu Fridden, Gerechtegkeet a Versöhnung. Säin Engagement erënnert äis drun, datt de Fridden e wäertvollt Geschenk ass, dat mir all fërderen a schütze mussen.

Den hellege Willibrord weist äis, datt den Asaz fir Fridden a Gerechtegkeet eng Aufgab ass, déi äis all eppes ugeet. Säi Beispill léiert äis, datt de Wee vum Fridden a vun der Gerechtegkeet net ëmmer einfach ass, awer datt et dee Wee ass, dee mir als Chrëschte goe sollen.

Loosse mir haut an eisen Häerzer de Geescht vum hellege Willibrord waakreg gi loossen an äis fir eng Welt vu Fridden a Gerechtegkeet asetzen, an där d’Mënschen onofhängeg vun hirer Hierkunft an Dignitéit a Sécherheet liewe kënnen. Loosse mir drëms bieden, datt dem Herrgott säi Fridden op der ganzer Welt herrsche kann.

An deem Sënn: *„Heiliger Willibrord, Stifter von Frieden und Gerechtigkeit, bitt‘ für uns, heiliger Willibrord!“* Amen.

# V.

# „Heiliger Willibrord, Vorbild tätiger Liebe“

*2 Kor 9,6-15 / Mt 25,31-40*

*1.* Eng Uruffung aus der Willibrordus-Litanei heescht: *„Heiliger Willibrord, Vorbild tätiger Liebe.“* Déi Uruffung passt ganz gutt op eisen Hellegen, dee säi Liewen der Verkënnegung vum Evangelium an der Hëllef fir déi, déi an Nout waren, gewidmet huet. Hien huet net nëmmen mat Wierder geléiert, mä och – a vrun allem – mat Doten. Hien huet verstan, datt säi Missiounswierk sech misst an enger täteger Léift an an der Baarmhäerzegkeet weisen. Hien huet et als seng Liewesaufgab ugesinn, an eisen heednesche Gebidder ze missionéieren. Säin Häerz war erfëllt vun der Léift zu Christus, an dës Léift huet hie gedriwwen, déi gutt Noriicht ze verkënnegen an deenen Aarmen ze hëllefen. Hien huet ganz sécher déi Wierder verstan, déi de Jesus an der Geriichtsried am 25. Kapitel vum Matthäus dem Kinnek an de Mond geluecht huet: *„Wat dir fir ee vun deene mannste vu menge Bridder gemaach hutt, dat hutt dir fir mech gemaach“* (*Mt* 25,40). Dës Ausso weist äis d’Bedeitung vum Gebot vun der Nächsteléift fir eist chrëschtlecht Liewen. Et ass en Appell un äis, d’Nout vun eise Matmënschen z’erkennen an hinne mat Léift a Matgefill ze begéinen. De Willibrord huet dëse Grondsaz gelieft an

huet domat gewisen, datt et net duergeet, ze priedegen, mä datt mir eis Iwwerzeegungen an d'Dot ëmsetze mussen. Sou ass hien e Beispill fir äis haut, deen äis weist, wéi mir aus dem Häerz vum Jesus eraus liewe sollen.

*2.* D'Kierch huet dat Gebot vun der Nächsteléift an de sou genannte *„siwe Wierker vun der Baarmhäerzegkeet"* konkretiséiert, déi an der chrëschtlecher Traditioun verwuerzelt sinn an domat zu enger „ligne directrice" fir eist Handelen als Gleeweg gi sinn. Si sinn net nëmmen an der Bibel verankert, mä si kënnen och an eisem deeglecher Liewen eng wichteg Roll spillen. Dës Wierker vun der Baarmhäerzegkeet sinn net nëmme konkreet Handlungen, mä si kënnen och am iwwerdroene Sënn verstan ginn.

Déi siwe Wierker vun der Baarmhäerzegeet sinn:

a) *deenen Hongregen z'iesse ginn:* An eiser materieller Welt bedeit dat, deenen z'iessen ze ginn, déi Honger hunn, awer am iwwerdroene Sënn kënne mir och den Honger no Trouscht, Léift a Gemeinschaft stëllen. Mir kënne Wierder vun Trouscht a Matgefill un déi riichten, déi dono verlaangeren.
b) *deenen Duuschtregen ze drénke ginn:* Dat bedeit net nëmmen, engem, deen Duuscht huet, eng Schlupp Waasser ze reechen, mä och déi z'ënnerstëtzen, déi no der Wourecht an enger geeschteger Erfëllung sichen. Mir kënnen hinnen hëllefen, hire

geeschtegen Duuscht ze stëllen, andeems mir Wëssen a Weisheet deelen.

c) *Friemer ophuelen:* Mir kënnen net nëmme wuertwiertlech Friemer an eist Haus ophuelen, mä och Mënsche wëllkëmm heeschen, déi sech eleng, verloossen oder ausgeschloss fillen. Et geet drëms, aneren e Gefill vun der Zougehéiregkeet an der Gebuergenheet ze schenken.

d) *deene Plakegen eppes fir unzedoe ginn:* Nieft der Versuergung mat Kleeder fir déi, déi an Nout sinn, kënne mir och deenen zur Säit stoen, déi sech an hirer Verletzlechkeet bloussgestallt fillen. Mir kënnen hinne Schutz an Ënnerstëtzung ubidden.

e) *déi Krank besichen:* Dëst Wierk vun der Baarmhäerzgekeet erënnert äis drun, fir d'Gesondheet an d'Wuel vun anere Suerg ze droen. Mir kënne krank Mënsche besichen, hinnen Trouscht spenden an hinnen eis Hëllef ubidden.

f) *Gefaangener besichen:* Dat bedeit net nëmmen, Leit, déi am Prisong sinn, eis Ënnerstëtzung unzebidden, mä och deenen, déi vun der Angscht, der Schold oder vu Virurteeler gefaang sinn. Mir kënnen hinnen Hoffnung schenken an neie Courage maachen.

g) *Doudeger begruewen:* Nieft der Verabschiedung vu Verstuerwene kënne mir och deene bäistoen, déi an hirem Liewen e léiwe Mënsch verluer hunn. Mir kënnen hinnen eisen Trouscht ubidden a si an hirer Trauer begleeden.

*3.* Dës Wierker vun der Baarmhäerzegkeet sinn net op eng bestëmmt Plaz oder eng bestëmmt Zäit beschränkt. Si kënnen iwwerall an zu jiddfer Zäit praktizéiert ginn. Si erënneren äis drun, datt mir opgefuerdert sinn, eis Matmënschen an hirer Nout z'ënnerstëtzen, hir Laaschten ze deelen an een deem anere Léift a Baarmhäerzegkeet ze schenken. Dës Wierker vun der Baarmhäerzegkeet sinn Handlunge vun der Léift an der Solidaritéit, déi äis d'Geleeënheet ginn, Christus an eise Matmënschen ze déngen.

Loosse mir an eisem deeglechen Liewen dono striewen, déi siwe Wierker vun der Baarmhäerzegeet souwuel wiertlech wéi och am iwwerdroene Sënn ze liewen. Sou kënne mir d'Gebot vun der Léift an der Baarmhäerzegkeet erfëllen an eis Welt e bësse besser maachen.

Den hellege Willibrord huet dës siwe Wierker vun der Baarmhäerzegkeet a sengem Déngscht un de Mënschen, déi hie begéint huet, gelieft. Hien huet deen Aarme gehollef, deenen Hongregen z'iesse ginn an déi Krank getréischt. Säi Liewe war e liewegt Zeechnes fir déi täteg Léift an d'Baarmhäerzegkeet, déi Christus äis geléiert huet.

*4.* An eiser Liesung haut aus dem Zweete Bréif vum Apostel Paulus un d'Chrëschte vu Korinth hu mir héieren, wéi den Apostel sengen Adressaten un d'Häerz geluecht huet: *„Jeder gebe, wie er es sich in seinem Herzen vorgenommen hat"* (*2 Kor* 9,7). Et kënnt also drop un,

mat watfir engem Häerz mir ausstafféiert sinn. Hu mir en Häerz vu Steen, dat kal an onflexibel ass, oder hu mir en Häerz vu Fleesch, dat matfillt a bereet ass, do ze hëllefen, wou et méiglech an néideg ass? De Willibrord hat ganz sécher esou en Häerz vu Fleesch. Hien huet generéis vun deem ginn, wat hien hat, fir deenen Aarmen ze hëllefen. Hien huet verstan, datt täteg Léift net op äusser Verflichtungen oder Erwaardunge beschränkt sinn däerf, mä aus engem Häerz komme muss, dat voller Léift ass.

*5.* Den hellege Willibrord huet net nëmmen d'Evangelium verkënnegt, mä och d'Friichte vun der Gerechtegkeet a senger Ëmgéigend wuesse gelooss. Hien huet duerch säi Beispill a seng Doten d'Häerzer vun de Mënsche beréiert a si zu engem Liewen an der Nächsteléift an der Gerechtegkeet inspiréiert.

Gëff, datt den hellege Willibrord och äis haut inspiréiert, täteg Léift an eisem Liewen ze praktizéieren. Hie soll äis dozou encouragéieren, d'Bedürfnesser vun eise Matmënsche mat engem oppenen Häerz z'erkennen an drop ze reagéieren. Well dat, wat mir fir dee mannste vun eise Bridder a Schwëstere maachen, dat maache mir fir eisen Här Jesus Christus selwer (cf. *Mt* 25,40).

An deem Sënn: *„Heiliger Willibrord, Vorbild tätiger Liebe, bitt' für uns, heiliger Willibrord!"* Amen.

# VI.

# „Heiliger Willibrord, Zuflucht der Kranken“

*Jes 53,2b-5.10-11 / Lk 5,12-16*

*1.* Dës Pilgermass um Graf vum hellege Willibrord feiere mir net nëmme fir déi zwee Süd-Dekanater vun eiser Äerzdiözees, mä an engems och fir déi krank an eeler Leit, déi zu en ettlech de mëtteg de Wee hier op Iechternach fonnt hunn. Sidd alleguer ganz häerzlech wëllkëmm hei bei eisem grousse Missionar, deem mir de Glawen hei an eise Géigende verdanken. An ech denken, et ass och gutt, datt Dir de mëtteg hei sidd, well hei beim hellege Willibrord hutt Dir Är ganz besonnesch Plaz. Net fir näischt gëtt hien an der Litanei ugeruff als *„Zuflucht der Kranken“.* Ech wëll a menger leschter Priedegt dofir grad op deen Aspekt agoen an eisen Hellegen als ee beliichten, bei dee mir mat all eise Krankheeten, eise Suergen an eisem Misär kommen däerfen. An Zäiten, an deene mir an eiser Welt mat esou ville Forme vu Krankheet a Leed konfrontéiert sinn, sief et séilesch, kierperlech oder geeschteg, kënnen d’Botschaft an d’Liewe vun eisem hellege Missionar äis Inspiratioun an Trouscht bidden.

*2.* Den hellege Willibrord war e Mann, dee säi Liewen dem Déngscht un deene Kranken an deenen, déi gelidden hunn, gewidmet huet. Op

senge Missiounsreese sinn him onzieleg Mënsche begéint, déi vu Krankheet a Leed gezeechent waren. A senger Damiddegkeet a Léift zum Herrgott huet hien erkannt, datt hien, als Dénger vu Christus, eng besonnesch Roll dobäi hat: nämlech deene Kranken Trouscht an Heelung ze bréngen. Hien huet gewisen, datt dem Herrgott säin Erbaarmen a seng Léift och matzen an der Krankheet an an der Péng liichte kënnen. De Willibrord erënnert äis drun, datt mir all eist Kräiz ze droen hunn, sief et als kierperlech Krankheet, als séilescht Leed oder als eng aner Form vu Misär. Mä an eiser Verbonnenheet mat Christus fanne mir Trouscht an Hoffnung. Eisen hellege Patréiner weist äis drop hin, datt Christus den *„Heiland“* ass, deem d'Heel vun de Mënschen um Häerz läit. D'Heelung, déi hie bréngt, ass net nëmme kierperlecher Natur, mä si ëmfaasst dee ganze Mënsch, an all sengen Dimensiounen.

An der Helleger Schrëft, am Buch vum Prophéit Isaias, hu mir héiere vun där mysteriéiser Gestalt vum Gotteskniecht. *„Er hatte keine schöne Gestalt, einen Mann voller Schmerzen, mit Krankheit vertraut“* (*Jes* 53,3). Dës Wierder bezitt de Jesus a senger Passioun op sech selwer, well hie jo all Leed op sech geholl huet. Hien huet eis Krankheeten an all eise Misär gedroen. Duerch säi Leiden a säi schrecklechen Doud um Kräiz huet hien Heelung bruecht fir eis Séil an eise Kierper. A well hien um eegene Kierper schrecklech Péng a

Quale gelidden huet, kann hie sech och mat jiddferengem Mënsch identifizéieren, dee leit.

*3.* Och am Evangelium, dat äis elo grad verkënnegt gouf, hu mir vun enger Situatioun vu Krankheet héieren. Et ass d'Geschicht vun deem Aussätzegen, deen a senger traureger an aussiichtsloser Situatioun an der Persoun vum Jesus nach ee Fonke vun Hoffnung gesäit. Hie geheit sech damiddeg virum Jesus op de Buedem a seet: *„Här, wann s du wëlls, kanns du maachen, datt ech reng ginn"* (*Lk* 5,12).

A wat mécht de Jesus? Hie reecht dësem Aussätzegen d'Hand, hie beréiert en, obwuel dat no deenen deemolege Gesetzer a Reegelen iwwer d'Rengheet streng verbuede war. Mä de Jesus kuckt net op déi äusser Virschrëften, mä op d'Häerz vum Mënsch. Hien huet de Glaf gesinn, deen an dësem Mann gefonkelt huet. Mat de Wierder: *„Ech wëll et – gëff reng!"* (*Lk* 5,13) heelt de Jesus de Mann vu sengem Aussaz.

D'Botschaft, déi mir aus dëser Geschicht zéie kënnen, ass déifgräifend an zäitlos. Si seet äis, datt eise Glaf, eis Damiddegkeet an eis Bezéiung zum Jesus äis heele kënnen, eegal wéi grouss eis Probleemer a wéi uerg eis Krankheeten och sinn. Dësen Aussätzegen hat keen Usproch op Heelung, hien huet se net verdéngt opgrond vu sengen Doten oder sengem Status an der Gesellschaft. Awer säi Glaf un de Jesus huet hien zu senger Heelung gefouert.

*4.* Och mir kënnen äis vun dëser Geschicht inspiréiere loossen. Et kënnen an eisem Liewen Zäite kommen, an deene mir äis vum Herrgott verlooss oder vun der Äerd entfriemt fillen, an deene mir vu Suergen, Ängschten oder Krankheete geplot sinn. An esou Amenter däerfe mir net vergiessen, datt de Glaf un de Jesus an d'Damiddegkeet virun him äis Hoffnung an Heelung brénge kënnen. Wéi deen Aussätzege sollen och mir virum Jesus op d'Knéie falen an him eist Häerz opmaachen, an dat an Damiddegkeet an déiwem Vertrauen.

Dës biblesch Geschicht léiert äis, datt de Jesus net nëmmen an der Lag ass, eist kierperlecht Leiden ze heelen, mä hie kann och eis séilesch Wonnen tréischten. Hie schenkt äis d'Hoffnung, datt mir, wa mir eise Glaf an hie setzen, Heelung an Trouscht fanne kënnen.

Loosse mir also dës Botschaft an eist Häerz ophuelen, eise Glawe stäerke loossen an an Damiddegkeet virun eisem Här nidderfalen, well esou wéi de Jesus zu deem Krankr gesot huet, sou seet hien och zu äis: *„Stéi op a géi! Däi Glaf huet dir gehollef"* (*Lk* 17,19).

D'Wierder *„Däi Glaf huet dir gehollef"* sinn eng encourageant Botschaft fir äis all. Si erënnert äis drun, datt de Glaf un de Jesus Christus äis d'Kraaft gëtt, mat eise Krankheeten an eisem Leed ëmzegoen. Eise Glaf kann äis a schwéieren Zäiten Trouscht an

Hoffnung schenken an äis dozou inspiréieren, äis géigesäiteg bäizestoen an Heelung ze fannen.

*5.* De hellege Willibrord huet d'Bedeitung vu Matgefill an Nächsteléift géintiwwer deene Kranke verstan. Hien huet seng Äerm a säin Häerz fir si opgemaach. Hien huet Kléischter an Hospize gegrënnt, an deene Kranker a Bedürfteger versuergt goufen. Säi ganzt Liewe war en Zeechnes fir dem Herrgott seng Baarmhäerzegkeet, an hien huet de Mënsche gehollef, hir Laaschten ze droen an Heelung ze fannen.

Och an eisem Liewe kënne mir wéi den hellege Willibrord sinn, andeems mir äis ëm Kranker a Bedürfteger këmmeren, op si duerginn, äis Zäit fir si huelen, sief et an eise Famillen, an eise Paren an doriwwer eraus. Mir kënnen am Gebiet an an Dote vun der Nächsteléift anere Mënschen Trouscht an Heelung bréngen.

Loosse mir drëms bieden, datt den hellege Willibrord äis léiert, wéi mir an der Léift zu Christus eise Matmënschen Heelung an Trouscht brénge kënnen. Dem Herrgott seng Gnod soll äis op dësem Wee begleeden.

An deem Sënn: *„Heiliger Willibrord, Zuflucht der Kranken, bitt' für uns, heiliger Willibrord!"* Amen.



Foto: Norbert Stors

**Bild op der Titelsäit**
Den Hellege Willibrord, Chouerfënster zu Dillingen, ëm 1950, Kënschtler onbekannt
Foto: Tom Osborne

© Claude Bache, 2023